adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1.11.2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Laut mengen Informatiounen gin an Däitschland déi vaccinéiert Leit bis 2 Wochen nom 2. « Shot » als non-vacciné an der Statistik gefouert, wat natierlech dann heescht, dass déi Statistoken da quasi keng Impfduerchbréch oder Niewewierkungen am Kader vun der „Impfung" opweisen, Et géing mech interesséiren ewéi daat hei an eisem Land gehandhabt gett.

An de "rapports hebdomadaires" vun der Santé gëtt säit e puer Méint de "Statut vaccinal" vun de positiv getesteten an den hospitaliséierten Persounen publizéiert.

- **Statut vaccinal des personnes testées positives**

| Statut vaccinal | Nouvelles personnes testées "positif" |
|---|---|
| Personnes non-vaccinées* | 487 |
| Personnes avec un schéma vaccinal complet | 494 |
| Total | 981 |

*y compris les personnes partiellement vaccinées

- **Taux d'incidence selon le statut vaccinal**

| Statut vaccinal | Taux d'incidence des nouvelles personnes testées positives par 100.000 habitants |
|---|---|
| Personnes non-vaccinées* | 241,39 |
| Personnes avec un schéma vaccinal complet | 104,76 |
| Total | 154,57 |

*y compris les personnes partiellement vaccinées

- **Statut vaccinal des personnes hospitalisées**

| Statut vaccinal | Personnes hospitalisées en soins normaux | Personnes hospitalisées en soins intensifs |
|---|---|---|
| Personnes non-vaccinées* | 11 | 5 |
| Personnes avec un schéma vaccinal complet | 6 | 2 |
| Total | 17 | 7 |

*y compris les personnes partiellement vaccinées

Ech géif dozou gär wëssen:

1. Wat ass di genee Definitioun vun enger "personne partiellement vaccinée"?

2. Wat ass di genee Definitioun vun enger "personne avec un schéma vaccinal complet"? Ab wéini gëtt dës Persoun an déi Statistik opgeholl?

3. Aus wat fir engem Grond gi di "non-vaccinés" mat den "partiellement vaccinés" an enger Kategorie zesummen geluecht?

4. An de Kalennerwochen 38 an 39 goufen d'Zuelen fir di 3 Kategorien "non-vaccinés", "partiellement vaccinés" an "avec schéma vaccinal

complet" **getrennt** uginn. Wär et méiglech déi respektiv Zuelen och fir di aner Wochen gewuer ze gi?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742